GEMENG JONGLËNSTER

Réunion 08/2024

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 11.07.2024**

Lieu de réunion : « Op Fréinen »
Début de la réunion : 19:00 H
Invitée : Mme Monique Leffin

## Ordre du jour :

1. Compte Rendu vum 30.05.2024 a vum 06.06.2024
2. Feedback vun eiser „Visite Bongert Asselscheier"
3. Park vum Borrig's Schlass
4. Energiekarawann
5. Avis Taxen Reglement Gro Poubellen
6. D'Etude Geprolux (energetesch Sanéierung) aviséieren
7. Klima Neutralitéit Gemeng bis 2030
8. Programm bis Enn vum Joer
9. Divers

## ***1. Rapport Réunioun***

D'Rapporte vun de leschte Reunioune vum 30.05.2024 a 06.06.2024 sinn ugeholl ginn. Zesummen ass entscheet ginn, dass jidderee vun de Memberen aus der Kommissioun averstan ass Nominativ an all Compte Rendu dran ze kommen. Fir d'Verständnes vun de Rapporte fanne mir dat méi transparent.

## ***2. Feedback vun eiser “Visite am Bongert Aasselscheier”***

D’Memberen aus der Kommissioun hunn d’Visite am Bongert Aasselscheier gutt a wichteg fonnt. D’Jessy hat nach eemol e Gespréich mam Chef vun der Gäertnerekipp. Si hunn ausgemaach dass d’Jessy um Lafende gehale gëtt wéi et am Bongert weider geet. Esou bleiwe mir an der Kommissioun och informéiert.

## ***3. Park Borrigs Schlass***

Mir hu festgeluecht zesumme mam Jessy Stockreiser aus onser Kommissioun den 30.07.2024 eng Féierung duerch de Park vum Borrigs Schlass ze maachen. Verschidde Beem am Park si ganz selten an hunn en erstaunlechen Alter. Et si Beem dobäi déi am Concours vum « Champion trees » vir leien. Dat ass e Concours mat Däitschland zesumme bei deem aussergewéinlech Beem enregistréiert ginn a géintenee Concurrencéieren. Duerch di Féierung kréie mir erkläert wat fir Beem a Planze schützenswäert sinn a kréien doduerch eng Bestandsopnam.

## ***4. Energiekarawann***

D’Organisatioun vun der Energiekaravann leeft. Mir kruten d’Geneemegung vum Besëtzer vum Café de la Gare. D’Zelt an alles fir dran ass bestallt. D’Monique schafft um Artikel fir an de „Mag“. De Bréif un d’Leit gëtt mam Flyer ausgedeelt. Et gëtt och un enger digitaler Versioun geschafft an alles an 3 Sproochen. De Jean këmmert sech dorëms op der Gemeng ze froen, fir dass do d’Umeldunge kënnen entgéint geholl ginn. Mir hëllefen de Courrier anzepaken. Et ginn +- 145 Bréiwer eraus. Am Populatiounsbüro versicht de Jean eng Lëscht ze kréie fir d’Baujore vun deene verschidden Haiser eraus ze fannen.
Well mir bei d’Leit schelle ginn, kréie mir de 27.08.2024 eng kleng Formatioun. Deen Owend wëlle mir och de Courrier fir d’Leit fäerdeg apaken.
De 17.09.2024 ass dann d’Infoversammlung fir d’Awunner beim Café de la Gare am Zelt.
Tëschent dem 23.09. an dem 15.11.2024 deelen sech d’Memberen vun der Kommissioun d’Haiser op a gi bei d’Leit schellen.

## ***5. Avis Taxereglement gro Poubellen***

De Jean huet den Avis (Réglement des taxes pour déchets ménage et mélange poubelles), dee mir zesumme mat der Finanzkommissioun ausgeschafft hunn nach emol erkläert.
En ass esou vun de Memberen ugeholl ginn a gëtt elo an de Schäfferot weider geschéckt. Den Avis ass am Unhang.

## ***6. Etude Geprolux aviséieren***

D'Etude vun GEPROLUX vum Schoulkomplex vu Gonnereng besteet ongeféier aus 100 Säiten. D'Monique Leffin huet ons mat enger Power Point duerch di ganz Etude gefouert an ons déi wichtegst Informatiounen erkläert.
D'Etude ass ganz komplex an huet ënner anerem d'Sanéierungsoptiounen, eng Simulatioun vun de Co2 Vermeidungskäschten souwéi den Energieverbrauch gepréift. Gekuckt sinn dobäi di 5 Gebaier, d'Bestëmmung vun de U Wäerter, d'Fassaden, d'Fënsteren, d'Technik an d'Baudeeler. Wichteg ass ze erwänen, dass eng al Masuttsheizung an der Schoul steet, déi dréngend misst erneiert ginn. Als leschte Punkt eng Etude iwwer de “Wäermererzeuger“.
Pellets schneit am beschten of. Grepolux empfeelt eng GEOTERMI mat der Viraussetzung, dass d'Gebäi virdru sanéiert gëtt. D'Kiche misst do eraus geholl gi fir separat gehëtzt ze ginn. Och recommandéiert GREPOLUX, dass de ganze Chantier just vun engem Bedreiwer soll ëmgesat ginn.

D'Memberen aus der Kommissioun ënnerstëtzen d'Propositioune vu GREPOLUX fir op de Wee vun der GEOTHERMI ze goen. Wann d'Gebaier renovéiert sinn, sollt een eng Kombinatioun vu GEOTHERMI an SOLARENERGIE uwennen.
Finanziell muss gekuckt gi wéi een dat ofdecke kann. Et sollt een de Plang iwwer d'Erweiderung vun der Schoul vu Schroeder&Associés ofwaarden a schnellst méiglech en Zäitplang opstellen, well d'Heizung zimlech um Enn ass.

***Zum Punkt 7 an 8 si mir net méi komm.***

***9. Divers***

Mir hunn nei Datumer festgeluecht fir weider Kommissioune bis zum Enn vum Joer.

Eis nächst Reunioun ass de 30.07.2024 um 19.00 Auer am Gaart vum Borrigs Schlass zu Jonglënster.

Mat frëndleche Gréiss.

| | |
|---|---|
| Degraux Christiane<br>Sekretärin | Boden Jean<br>President |